# Ëmmer méi Sue vu 6 Golfstaten op Lëtzebuerger Finanzplaz

RTL - 20.07.2010, 07:42 - Fir d'lescht aktualiséiert: 20.07.2010, 10:02

D’Lëtzebuerger Efforte fir arabesch Milliarden an d’Land unzezéien droe Friichten: 2008 hunn déi 6 Golfstate vum GCC iwwer 59 Mia $ hei ugeluecht.

RTL huet Finanzexpäre gefrot, firwat arabesch Länner dann esou intresséiert sinn un der Lëtzebuerger Finanzplaz.

D’Ursaache sinn dem Camille Thommes vun der ALFI no, engersäits Kompetenz an Know-How op der Lëtzebuerger Finanzplaz. E Kader, deen also favorabel ass – an dat net nëmme steierlech, mee och kulturell a politesch. „Islamesch Finanzen“ ass hei d’Stéchwuert, dat heescht - ugepasst un dat islamescht Recht – also d’Sharia.

An eben dee Secteur, vun den islamesche Finanzen, boomt e bëssen op der Lëtzebuerger Finanzplaz.

Eng aner Niche sinn d’Mikrofinanzen. Och déi entwéckele sech gutt zu Lëtzebuerg. An och do gëtt et, wéi et schéngt, groussen Interessi aus arabeche Länner: Den Investmentfong Aabar aus Abu Dabi wëll nämlech ronn 54 Milliounen an zwee Lëtzebuerger Fongen investéieren, déi am Beräich Mikrofinanzen täteg sinn.

Natirlech wëllen och d’Mikrokreditt-Fonge Sue man. De finanzielle Rendement, mengt den Dan Dax, ass awer net déi eenzeg Motivatioun.

Och déi sougenannte nohalteg Investmentfongen – also därer, déi behaapten, a méi ëmweltfrëndlech Entreprisen z’investéieren – sinn eng Niche, déi am gaangen ass, sech op der Lëtzebuerger Finanzplaz z'entwéckelen.